

Badge de sensibilisation (Sensi-badge)

De Sensibadge steet fir eis alldeeglech Beméiungen géint d'Aarmut an sozial Ongerechtegkeeten an ass en Zeechen fir eis Solidaritéit mat de defavoriséierte Bewunner vun Heiheim an aus den Entwécklungslänner.

De Sensibadge cibléiert de Mensch an huet näischt mat der Sensibilisatioun vun der Natur o.ä. zedinn.

WAAT MUSS DIR MAN?

1. Ee Responsabelen am Grupp/Branche auswielen
2. En Thema eraussichen
3. Eng Preparatioun/Umeldung mat den Themen/Schwéierpunkten an den ongeféieren Datumer un d'ONGD schécken: opmanst 2 Wochen virum Start vun den Aktivitéiten
4. En Dossier uleeën mat:
 - de Preparatiounen
 - Fotoen vun all Aktivitéit
 - e klengen schrëftlechen (LX, SC, EX, RO, TE) oder bildlechen (BV, LX) Rapport vun engem Participant: Waat huet des Aktivitéit mir bruecht? Waat hunn ech bäigeléiert?
5. Den Dossier muss den 15. Juni an der ONGD FNEL ofginn sinn.

BEAVER	WËLLEFCHER	SCOUTEN	EXPLORER	ROVER	TEMBO
<p>1 Réunioun pro Trimester ODER 3 Réuniounen hannerteneen</p> <p>→ Luxembourg oder Europe</p>	<p>1 Réunioun pro Trimester ODER 3 Réuniounen hannerteneen ODER 2 Sortien ODER 1 Week-End</p> <p>→ Luxembourg oder Europe</p>	<p>1 Réunioun pro Trimester ODER 3 Réuniounen hannerteneen ODER 2 Sortien ODER 1 Week-End</p> <p>PLUS</p> <p>1 BA</p> <p>→ Luxembourg an/oder Entwécklungsland</p>	<p>1 Réunioun pro Trimester ODER 3 Réuniounen hannerteneen ODER 2 Sortien ODER 1 Week-End</p> <p>PLUS</p> <p>1 BA</p> <p>PLUS</p> <p>1 Aktivitéit mat lokaler Organisatioun</p> <p>→ Luxembourg an Entwécklungsland</p>	<p>Projet vun engem Joër mat verschiddenen Aktivitéiten iwwert d'ganzt Joer</p> <p>1 Sensibilisatiouns-Aktivitéit grand public iwwert daat gewielten Thema</p> <p>Austausch mat lokaler oder internationaler Organisatioun, eventuell Visite sur place</p> <p>1 Aktivitéit mat lokaler oder internationaler Organisatioun</p> <p>Luxembourg an Entwécklungsland</p>	<p>Projet op laang Dauer (mindestens 2 Joer) mat verschiddenen Aktivitéiten iwwert déi 2 Joer.</p> <p>1 Sensibilisatiouns-Aktivitéit grand public iwwert daat gewielten Thema</p> <p>Austausch mat lokaler oder internationaler Organisatioun, eventuell Visite sur place</p> <p>1 Aktivitéit mat lokaler oder internationaler Organisatioun</p> <p>→ Luxembourg an Entwécklungsland</p>

Méiglech THEMEN:

Armut an Ongerechtegkeeten

Alphabétisatioun

Kannerrechter

Kannerarbecht

Schoulpflicht (scolarisatioun)

Kulturell Differenzen

Handicap

Flüchtlingen

Gender

....